ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den Educatiounsministère huet den 28. Abrëll 2020 e Bréif un d'Enseignanten an d'Schoulpersonal aus dem Enseignement fondamental erausgeschéckt, an deem déi Persoune gebiede ginn, bis zum 1. Mee 2020 e Formular auszefëllen, fir vulnerabel Persounen ze identifizéieren. D'Enseignanten hunn dee Bréif de 29. Abrëll kritt.

Déi Leit, déi selwer vulnerabel sinn oder esou Leit an hirem Stot hunn, mussen, fir dat ze beleeën, e medezineschen Zertifikat vun engem Dokter bäileeën, respektiv, zousätzlech en Zertifikat iwwer d'Kompositioun vun hirem Menage.

Déi concernéiert Leit hunn also de facto grad een Dag fir déi Pabeieren ze produzéieren, woubäi ee muss bedenken, datt déi selwecht Regierung, déi dee Bréif verschéckt huet, eng virsiichteg Reprise vum Exercice médical an den Dokteschpraxissen eréischt vum 4. Mee un autoriséiert.

Dowéinst wollt ech dem Här Educatiounsminister dës dréngend Froe stellen:

1. Wéi koordinéiert d'Regierung hir Aktivitéiten, besonnesch och am Hibléck op d'Relance an de Schoulen?
2. Firwat kréien d'Leit hei en Delai vu nëmme ronn 24 Stonne gesat, wa jo kloer ass, datt am Abléck den Delai net kann duergoe fir déi gefroten Dokumenter ze produzéieren?
3. Wëll d'Regierung den Delai net an engem vernënftege a realistesche Mooss verlängeren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten